# LSW STUDIEN INFO BROSCHÜR 2019







# Virwuert vum President

Smail Suljic - President LSW



## Grüß Gott

Léif Frënn an Fréndinnen vum LSW,

Student sinn kann een op ville Plazen, an all Plaz huet säin eegene Charme. Mee Wien? „Wien ist anders" heescht e Slogan vun der Stad. Bei de

Kulturellen an politeschen Zentrum vun der Alpenrepublik Éisträich, weltwäiten Zentrum vun der klassëscher Musek, Konscht an der Diplomatie. Divers Studien (Mercer, Economist) hunn d'Liewensqualitéit vun sellege Stied ronderem de Globus gemooss an d'Donaumetropole mam éischte Präis ausgezeechent.

Liewenswäert ass Wien awer net nemmen fir Businessleit, Diplomaten an Touristen mee virun allem huet Wien ee Ruff als Studentestad. Knapp 200.000(!) Studenten sinn an den zahlreichen Universitéiten an Héichschoulen ugemellt. An genau déi studentefréndlech Athmosphär spiert een och op de Stroossen. Jonk Leit déi äifreg sinn eppes ze léiren, zesummen ze kommen an déi wonnerschéin Stad mateneen ze deelen.

Dës Broschür sollt awer net nemmen eng Lobeshymne un d'Stad sinn, mee op éischter Plaz soll se Iech, zukünfteg Studenten oder och aktiv Studenten, iwwert d'Studentenliewen zu Wien informéieren.

Eis Associatioun „Lëtzebuerger Studenten Wien asbl" ass fir déi meescht lëtzebuerger Studenten éischten Ulafpunkt wann se op Wien studéiere kommen. Eis Aufgaben bestinn doran, den Studenten ënnert Äerm ze gräifen, se ze informéieren an och ze verbannen.

Op de folgenden Säiten fannt dir generell Infoen iwwert d'Stad, ee klengen Iwwerbléck iwwert Universitéiten zu Wien an och eng kuerz Presentatioun vun eisem Cercle an eisen Aktivitéiten.

Am Numm vum LSW wënschen ech vill Erfolleg bei der Sich no der richteger Studiëplaz an hoffen, dat dës Publikatioun bei der Entscheedung hëllefe kann.

Smail

# INDEX


5


5 **Wien**
Allgemeng Informatiounen iwwert d'Haaptstad vun Éisträich

6 **Praktesch Informatiounen**
Transportméiglechkeeten bis op Wien, Logement, ëffentlechen Transport

9 **Studenten am Interview**
Wou gees du zu Wien am léifsten léieren?

10 **Unien zu Wien**
Wat an wou kann ech zu Wien studéieren?

18 **Lëtzebuerger Studente Wien**
Virstellung vum LSWan sengen Aktivitéiten

22 **Virstellung vum Comité 19/20**

25 **Wieneresch - Lëtzebuergesch**

26 **Impressum**



18


6


10

# Wien







## D'Haaptstad an Zuelen

| | |
|---|---|
| 1.888.776 | Awunner (1. Januar 2018) |
| 195.337 | Studenten (2015/16) |
| 23 | Bezierker |
| 414,87 | $km^2$ |
| 4553 | Awunner pro $km^2$ |
| 1t | Platz an der Mercer Studie 2018 vun der Liewensqualitéit |

Wien, d'Haaptstad vun Éisträich, ass, mat knapps 1,9 Milliounen Awunner, déi zweetgréisst Stadt am däitsch-sproochegen Raum no Berlin. D'Haaptstad ass virun allem bekannt, wéinst senger impressionnanter Architektur, souwuel den historeschen Zentrum wéi och d'Schlass Schönbrunn gehéieren zum UNESCO-Weltkulturierwen.

Och wann een bei Wien direkt un den Kaiser Franz an d'Kaiserin Sissi denken muss, huet Wien däitlech méi ze bidden, souwuel historesch wéi och kulturell. Nieft der weltbekannter Architektur an der Geschicht vun Wien, kann een bei engem Besuch vum Wiener Prater duerch en schéinen groussen gréngen Park tréppelen, awer och op engem vun den villen Open Air Evenementer den Dag genéissen.
Am Summer kann een gemittlech op engen vun den villen Strandbaren den Dag auskléngen loossen oder et kann een den Dag op der Donauinsel verbréngen wou een schwammen goen oder Beachvolleyball spillen kann. An am Wanter huet een d'Méiglechkeet an manner wéi enger Stonn vun Wien ewech, Ski oder Snowboard fueren ze goen.

Des weideren gëtt et zu Wien eng Rëtsch international Organisatiounen wéi zum Beispill d'OPEC, een vun den Sëtzer vun der UNO souwéi "Internationale Atomenergie Organisation" (IAEO). Ausserdeem gëllt Wien als eng Stad mat héijer Liewensqualitéit. Bei der internationaler Mercer Studie 2018, bei wéi enger d'Liewensqualitéit unhand vun 39 Kritären ënnert 231 Stied op der ganzer Welt verglach gëtt, beleet Wien fir déi nénngten Kéier hannerteneen déi éischten Platz.

Wat Bildung betrëfft, bitt Wien sengen bal 200.000 Studenten all méiglech Studienrichtungen op iwwert 20 Universitéiten, Fachhéichschoulen an privaten Universitéiten.

Praktesch Informatiou-nen







# Transport

Den ëffentlechen Transport zu Wien heescht Wiener Linien. Am Joer 2015 sinn insgesamt 698.968 Joreskaarten verkaf ginn, dëst ass och net verwonnerlech bei deen villen Méiglechkeeten déi engem zur Verfügung stinn. Wann een d'Streckennetz vun Ubahnen, Bussen an Stroossenbunnen zesummenzielt kënnt een ob insgesamt 1.147,8 Kilometer. Am ganzen ginn et 5 Ubahnen (U1, U2, U3, U4 an U6), woubäi een nach erwänen muss dass ab 2023 U5 als 6. Ubahnlinn dobäikënnt. Stroossenbunnen ginn et insgesamt 29 Stéck zu Wien an zousätzlech ginn et nach eng ronn 127 Buslinnen. Weekends oder op Feierdeeg fueren d'Ubahnen déi ganz Nuecht duerch.
Als Student kann een fir 150 € bei den Wiener Linien ee Semesterticket kafen, dëst gëllt fir all Transportmëttel innerhalb der Kernzone. Den Fluchhafen vun Wien leit zu Schwechat an ass domadder net méi innerhalb vun dëser Zone, mais fir weider 2,20 Euro kann een mam Zuch den Fluchhafen schnell an bëlleg erreechen.

# Vëlo

Wien ass eng vëlosfrëndlech Stad. Insgesamt ginn et 1.298km Vëlospisten déi et engem erméiglechen schnell an einfach vun A ob B ze kommen. Deem no wou ee wunnt ass een méi séier mam Vëlo op der Uni wéi mat der Ubahn oder mat der Stoossebunn. Falls ee keen eegenen Vëlo huet kann een sech fir 1€ een Account bei enger vun den 121 City-Bike Statiounen oder um Internet maachen. Mat dësen Vëloen kann een dann all Kéiers fir 1 Stonn gratis fueren.
Den Vëlo ass awer net nëmmen als Transportmëttel nëtzlech zu Wien, mais och fir d'Stad selwer ze erkënnegen. Et kann een zum Beispill déi ganz Ring-Strooss eng Kéier offueren an dobäi déi schéin Gebaier bewonneren oder en klengen Ausfluch op d'Donauinsel maachen.

# Nëtzlech Apps

Qando : Duerch d'aginn vum Start- an Zielpunkt berechent dës App déi séierst Méiglechkeet, fir mam ëffentlechen Transport, un däin Ziel ze kommen.
Studo: D'App fir däin Studium. Nom aloggen mat dengem Uni-Account hues du souwuel, deng Couren, deng Notten, wichteg Informatiounen etc. an enger App.
Bike Citizens : Lued der d'Kaart vun Wien erof an d'App seet der wéiste mam Vëlo un däin Ziel kënns.

# Lëtzebuerg - Wien

Déi séierst Aart an Weis fir vun Lëtzebuerg op Wien ze kommen ass mam Fliger, soulaang een ënner 25 Joer ass kritt een, bei der Luxair, nach den Studentepräis deen bei ongeféier 190 € Aller-Retour läit. Puermol am Joer kommen dann verschidden Offeren wou een och mol en Vol fir 99 € oder 129 €Aller-Retour kritt. Dës Offer ass och net begrenzt op en Alter. Zäit vum Vol leit bei 1.15 bis 1.45 Stonnen.

Eng weider Méiglechkeet ass den Zuch. De Präis ass, wann een fréi genuch un ass, bei 69 € One-Way. D'Zuchfaart dauert 11 Stonnen an et muss een puer Mol ëmklammen. Och den Flixbus ass eng méiglech Alternativ. Flixbus bitt eng Direktverbindung Lëtzebuerg Wien un, dës Busfaart dauert knapp 16 Stonnen an kascht ëm déi 60€.

Eng lescht Méiglechkeet ass den Auto an dauert ongeféier 9 Stonnen. Wann's du eng Matfuergeleeënheet brauchs, dann fënns de sécher an eiser Facebook Grupp "LSW Mitfahrzentrale" een aneren Student, deen dech gären mat op Lëtzebuerg respektiv Wien hëlt.

# Logement

Bei der Wunnengssich zu Wien ginn et méi Méiglechkeeten seng perfekt Studentewunneng ze fannen. Wien ass eng grouss Staat, do soll also fir jiddwereen eng Wunneng ze fannen sinn.
Falls de léiwer an eng schon bestoend WG zitts dann recommandéieren mer der d'Internetsäit "wg-gesucht", hei fënns de souwuel Lëtzebuerger wéi och Éisträicher déi eng Platz an enger WG ze verginn hunn.

Wann's du awer eng eegen WG grënnen wëlls oder eleng wunnen wëlls, recommandéieren mer der Internetsäiten wéi "immobilien.net" oder "immobilienscout24.at".
Eng weider Méiglechkeet bitt eis Facebook Grupp "LSW Willhaben", hei ginn souwuel am Summer, wéi och am Wanter Annonce gepost, wou ee e Matbewunner sicht oder engem seng Wunneng fräi gëtt.

# Evenementer

Donauinselfest : Mat 3 Milliounen Visiteuren an dräi Deeg ass dësen Open-Air Museksfestival en vun den gréissten weltwäit. Donauinselfest fënnt normalerweis, all Joer, Enn Juni statt an d'Entrée ass fir näischt.
Sommernachtskonzert Schönbrunn: En gratis Concert, Mëtt Mee, vun der Wiener Philharmoniker am Schlassgaart Schönbrunn.

Rock in Vienna : Dësen Rockfestival huet 2015 fir éischten Kéier stattfonnt an schéngt ee groussen Erfolleg ze sinn. Och dësen Festival ass op der Donauinsel an et gëtt Musek an den Genren Rock an Metal gespillt.

Zu Wien fannen ausserdeem oft Concerte vun bekannten Museksgruppen oder Museker statt.







Avec axxess STUDY, vous profitez de cartes de crédit, d'une carte de débit axxess valable partout en Europe, de solutions de financement pour vos études et de multiples autres avantages. Pour garder votre look et faire de votre parcours une réussite. Pour les jeunes de **18 à 30 ans** : conditions et infos sur axxess.lu

**axxess STUDY**

100 % JEUNE. 100 % VOUS.

**SPUERKEESS**



Mick, Tom & Smail
Das Möbel



Petra
J. Hornig



Marie-Jo
Library Café WU

# Wou léiers du zu Wien am léifsten?



Bleser
Doheem



Alessio
Dirt Water 1070



Pol
Doheem



Camille
BlueOrange 1090

# Universität Wien

Universitätsring 1
1010 Wien, Österreich

D'Universität Wien ass déi gréisst Universitéit zu Wien mat bal 94 000 Studenten.

Et ass och ausserdeem déi eelsten Uni am däitschsproochegen Raum. 2015 huet d'Universitéit hiren 650 Geburtsdag gefeiert.

D'Uni bitt den Studenten ënnerschiddlech Bachelorstudiëgäng, Diplomstudiëgäng an Masterstudiëgäng.
Zu den Haaptstudienrichtungen zielen: Betriebswirtschaft, Publizistik- und Kommunikationswissenschaft, Politikwissenschaft, Psychologie, Pädagogik, Soziologie, Sportswissenschaft, Geschichte, Geographie, Biologie, Ernährungswissenschaften, avm.

Umellen kann een sech, ob dëser Universitéit, vun Juli bis Ufank September fir d'Wantersemester, an Januar bis Mäerz, fir d'Summersemester. Wichteg heibäi ass, dass net all Studienrichtung béid Semesteren ugefaangen kann ginn.

Et ginn en puer Fächer fir déi een en Opnamexamen absolvéieren muss. Eng Lëscht mat den verschiddenen Studienrichtungen kënnt der op der Internetsäit vun der Uni fannen.
Ënnert anerem gehéieren zu dësen Fächer: Betriebswirtschaft, Internationale Betriebswirtschaft, Volkswirtschaftslehre, Biologie, Pharmazie, Ernährungswissenschaft, Informatik, Wirtschaftsinformatik, Psychologie, Publizistik- und Kommunikatiounswissenschaft, Sportswissenschaft.



Telefonsnummer:
+43 1 42770

Internetsäit:
www.univie.ac.at



# Technische Universität Wien

Karlsplatz 13
1040 Wien, Österreich

D’Technesch Universitéit Wien gouf 1815 vum Kaiser Franz I. gegrënnt. Unhand vun dëser Institutioun wollt hien Ingenieuren fir den Militär, den Biergbau an den Bau ausbilden.

> D’TU Wien ass déi gréissten technesch Uni an Éisträich mat méi wéi 42.000 Studenten.

TU Wien bitt iwwert 50 Studiëgäng un. Dorënner falen ënnerschiddlech Bachelorstudiëgäng an Masterstudiëgäng.

D’Haaptstudiëgäng op der technescher Universitéit Wien sinn: Architektur, Raumplanung, Bauingenieurwesen, Elektrotechnik, Mathematik an Informationstechnik.

D’Umeldung op der TU Wien leeft fir d’Wantersemester, vun Ufank Juli bis September, an fir d’Summersemester, vun Januar bis Februar.



Telefonsnummer:
+43 1 588010

Internetsäit:
www.tuwien.ac.at



# Wirtschafts universität wien

Welthandelsplatz 1
1020 Wien, Österreich

D'Wirtschaftsuniversitéit vun Wien ass 1898 gegrënnt ginn an ass eng staatlech Universitéit, mat méi wéi 23.000 Studenten.

Zanter dem Joer 2014, studéieren dës op engem fonkelneien an modernen Campus um Prater.

> Den Campus WU gouf vun 6 bekannten Architektebüroen aus der ganzer Welt gebaut.

D'WU ass als eng vun den beschten Business Schools an Europa klasséiert an déi gréissten Uni déi sech op Business an Ökonomie fokusséiert.

Säit 2013 ass en sougenannten Einstiegstest agefouert ginn, fir den Studenten en organiséierten Studium garantéieren ze kennen.

Umeldung fir d'WU fänkt un mat enger Online Registréierung, déi een vun Ufank Mäerz bis Mëtt Mai kann maachen. An weideren Schrëtt kann een sech dann definitiv fir d'WU umellen.

Insgesamt ginn et 2 Bachelorstudiëgäng: Wirtschafts- und Sozialwissenschaften an Wirtschaftsrecht. D'WU bitt awer och ëm déi 15 verschidden Masterstudiëgäng un.

Telefonsnummer:
+43 1 313360

Internetsäit:
www.wu.ac.at





# Med. universität wien

MEDIZINISCHE UNIVERSITÄT WIEN

Spitalgasse 23
1090 Wien, Österreich

> Mat ronn 8.000 Studenten ass d'Meduni déi gréissten Medezin-Uni am däitschsproochegen Raum.

D'Medizinische Universität Wien ass déi gréissten Medezin-Uni an Éisträich an ass eng vun den wichtegsten Fuerschungsinstitutiounen an ganz Europa. Op dëser Universitéit kann een Humanmedizin an Zahnmedizin studéieren.
D'Meduni Wien stellt ausserdeem immens vill Personal fir d'Wiener AKH (Allgemeines Krankenhaus) dat gréissten Spidol an ganz Europa. D'Uni huet insgesamt 26 Universitéitskliniken, dräi klinesch Instituter, 12 medezinorientéiert Zentren an eng grouss Unzuel un héichspezialiséierten Laboen.

Fir op der Meduni Wien Human- oder Zahnmedizin studéieren ze kënnen, muss een den Opnahmetest MedAT schreiwen an bestoen, respektiv sech géint d'Konkurrenz duerchsetzen an en méiglechst héicht Resultat erzielen.

Den Opnahmetest ass all Joer em ongeféier déi selwecht Zäit, dëst Joer war dësen den 06.07.2018. Déi genau Informatiounen zum MedAt 2019 an d'Fristen an Terminer ginn Enn Januar/Ufank Februar op dëser Säit publizéiert: www.medizinstudieren.at

Op der nächster Säit fënns de nach weider Informatiounen zum MedAT 2018 zesummegefaasst, dass du der den Oflaf virstellen an dech preparéieren kanns.



Telefonsnummer:
+43 1 401600

Internetsäit:
www.meduni.ac.at



# MedAT - Opnahmetest Meduni Wien

## Virbereedung

D'Léieren fir den Test ass jiddwerengem selwer iwwerlooss, mer roden der un den Biologie-, Chimie-, Physik- an Mathematikstoff vum der Première ze widderhuelen (virun allem och op Däitsch). Sech awer och déi offiziell Ënnerlagen (Stichwortlisten, Online-Tests, etc.) ganz genau unzekucken an den Stoff ze léieren. Ausserdeem ginn et ganz vill verschidden Übungsbicher, Intensivcouren etc., mer roden der un, do onbedéngt Rezessiounen an Bewäertungen liesen, fir onnéideg Ausgaben ze vermeiden.

Opbau MedAT 2018:

MedAT-H Humanmedizin:

40% BMS (Bio, Chemie, Physik, Mathematik)
- 40 Aufg.: Biologie
- 24 Aufg.: Chemie
- 18 Aufg.: Physik
- 12 Aufg.:Mathematik

40% KFF (Kognitive Fähigkeiten & Fertigkeiten)
- 15 Aufg.: Figuren zusammensetzen
- 25 Aufg.: Allergieausweise
- 10 Aufg.: Zahlenfolgen
- 10 Aufg.: Implikationen erkennen
- 15 Aufg.: Wortflüssigkeit

10% SEK (Sozial-emotionale Kompetenzen)
- 10 Aufg.: Soziales Entscheiden
- 10 Aufg.: Emotionen erkennen

10% TV (Textverständnis mit 12 Aufgaben)

MedAT-Z für Zahnmedizin:

30% BMS (Bio, Chemie, Physik, Mathemathik)
- 40 Aufg.: Biologie
- 24 Aufg.: Chemie
- 18 Aufg.: Physik
- 12 Aufg.: Mathematik

30% KFF (Kognitive Fähigkeiten & Fertigkeiten)
- 15 Aufg.: Figuren zusammensetzen
- 25 Aufg.: Allergieausweise
- 15 Aufg.: Wortflüssigkeit
- 10 Aufg.: Zahlenfolgen

10% SEK (Sozial-emotionale Kompetenzen)
- 10 Aufg.: Soziales Entscheiden
- 10 Aufg.: Emotionen erkennen

30% MF (Manuelle Fertigkeiten)
- 2 Aufg.: Drahtbiegetest
- 5 Aufg.: Formen spiegeln

Den Opnahmetest entwéckelt sech vun Joer zu Joer weider, dowéinst roden mer der un Detailer virum Test nozesichen an sech gutt iwwert den Opbau ze informéieren.

## Wichteg

Fir Humanmedizin: Als Lëtzebuerger gehéiert een zur Éisträicher-Quote. Dëst ass fir dech zum Virdeel, well vill Bewerber aus aneren EU-Länner méi schlecht Quoten hunn.

Fir Zahnmedizin: Leider ass een ab elo als Lëtzebuerger net méi an der Éisträicher-Quote fir dësen Studiengang, wat wahrscheinlech heescht dass een sech fir EU-Quote muss umellen. Fir och wierklech sécher ze sinn dass di Quoten-Ännerung 2019 an Kraaft trëtt, empfeelen mir dir am Januar/Februar op der Säit www.medizinstudieren.at die Info ze kontrolléieren.

## Studium

Den Studium ass vun Ufank un praxisorientéiert. Ënnerhalb vun Kleingruppen (10-11 Studenten) gëtt dat ganzt Joer interaktiv mat Tuteuren/Dokteren/Professeren iwwert den Stoff geschwat, sou dass et engem méi einfach fält alles ze verhalen an et ze verstoen.

## Veterinärmedizinische Universität Wien

Veterinärplatz 1
1210 Wien, Österreich



Telefonsnummer:
+43 1 250770

Internetsäit:
www.vetmeduni.ac.at

D'Haaptrecherchë vun dëser Uni sinn am Beräich vun der Veterinärmedizin, dem ëffentleche Gesondheetswiesen an der Sécherheet vun de Liewensmëttel. Baséiert gëtt sech hei op Wuelbefanne vun den Déieren, Déierenhaltung an Déiereschutz.
Bachelor: Pferdewissenschaften, Veterinärmedizin an Biomedizin und Biotechnologie.

## Universität für Bodenkultur

Gregor-Mendel-Straße 33
1180 Wien, Österreich



Telefonsnummer:
+43 1 476540

Internetsäit:
www.boku.ac.at

Hei ginn erneierbar Ressourcen am Zesummenhang mat Naturwëssenschaften, Technik an Ekonomie erfuerscht. Fir de Bachelor op dëser Uni kann een e sënnert enger Reih vun Studiëgäng entscheeden: Landschaftsplanung- und Landschaftsarchitektur, Forstwirtschaft, Agrarwissenschaften an villes méi.

## Universität für Musik und darstellende Kunst

Anton-von-Webern-Platz 1
1030 Wien, Österreich



Telefonsnummer:
+43 1 71155

Internetsäit:
www.mdw.ac.at

Dës Universitéit ass déi gréisste Konschtuni an Éisterräich an déi gréisst Museksuni op der Welt. Héi studéieren 3000 Studente Komposition und Musiktheorie, Dirigieren, Tonmeister, Instrumentalstudium, Kirchenmusik, Pädagogische Studien, Gesang und Musiktheaterregie, Darstellende Kunst, oder Film und Fernsehen.

## Universität für angewandte Kunst

Oskar Kokoschka-Platz 2
1010 Wien, Österreich



Telefonsnummer:
+43 1 711330

Internetsäit:
www.dieang -ewandte.at

“Die Angewandte” ass d’Nummer 1 fir kënschtleresch a wëssenschaftlech Recherchen a steet regelméisseg an Zesummenarbescht mat den weltwäit wichtegste Konschtinstitutiounen.
Hei huet een de Choix teschend: Architektur, Art & Science, Bildende Kunst, Sprachkunst an nach villes méi.

## Akademie der bildenden Künste

Schillerplatz 3
1010 Wien, Österreich



Telefonsnummer:
+43 1 588161818

Internetsäit:
www.akbild.ac.at

Un dëser Konschtuniversitéit gëtt engem d’Léieren an d’Recherchéieren duerch verschidden ästhetesch Phänomener a Wierker bäibruecht.
D’Praxis an d’Denkformen erhält een a verschiddene Bachelorstudiengäng: Bildende Kunst, Bühnengestaltung, Architektur, Künstlerisches Lehramt.

Nieft dëser Auswahl vun Universitéiten zu Wien, ginn et nach vill weider Universitéiten an Fachhéichschoulen an der éisträichescher Haaptstad. Eng Lëscht mat all dësen Institutiounen kann een ënnert folgendem Link fannen:
www.studieren.at/wien-studien-unis-fhs

## Psychologie

Fakultät für Psychologie
Liebiggasse 5
1010 Wien
dekanat.psychologie@univie.ac.at

Fir Psychologie op der Uni Wien studéieren ze kenne spillen d'Notten aus dem Lycée keng Roll. Hei fënnt ee mol am Joer (Enn August/Ufank September) en Opnametest statt an et gi ca. 500 Leit opgeholl. D'Registréierungsfrist ass vu Mäerz bis Juli an d'Registréierung selwer kascht 50€. Den Test ass am Multiple Choice Format, dauert 3,5 Stonnen a besteet aus folgenden 3 Deeler:

1. Froen zu engem psychologesche Fachbuch wat ca. 6 Méint am Viraus ugekënnegt gëtt (40%)
2. Methodik: Hei geet et em formal-analytesch Denke souwéi Statistik (30%)
3. Englesch Textverständnis vun engem psychologeschen Text (30%)




Raiffeisen
Naturellement ma banque

Vous avez entre 18 et 26 ans ? Vous poursuivez vos études et êtes à la recherche d'un partenaire fiable et flexible pour vous accompagner dans tous vos projets et votre quotidien ?

GREEN CODE STUDY 18-26*

Fourniture d'une carte de débit V PAY gratuite, fourniture d'une carte de crédit VISA Classic gratuite, fourniture d'une carte de crédit Web Card gratuite, prêt étudiant CEDIES et Study PLUS à taux avantageux, compte épargne à taux très avantageux...

www.greencode.lu

*Sous réserve d'acceptation du dossier

Banque Raiffeisen, société coopérative

Letzebuerger
Studente
Wien

1975
in business since

D'Aufgab vum LSW besteet doranner, d'Lëtzebuerger Studenten ze beroden, ze ënnerstëtzen an se zesummen ze bréngen.


Eist Ziel ass et d'Lëtzebuerger Studenten vun Wien am In- an Ausland ze vertrieden. Dat heescht awer natierlech net, dass mir eis nëmmen op Lëtzebuerger Bekanntschaften beschränken.

Et ass eis wichteg den Lëtzebuerger Studenten zu Wien bei Problemer an Froen ze hëllefen an hinnen souwuel während hirem Studium, wéi och virdrun an duerno zur Säit ze stoen.

2019/2020:
319 aktiv LSW Memberen

Et kommen ëmmer méi Lëtzebuerger Studenten ob Wien, wouduerch mer natierlech och ëmmer méi Memberen kréien an eist Angebot un Evenementer probéieren ze erhéijen an ze verbesseren.

## Lëtzebuerger Studenten zu Wien



# DU HUES ENG FRO ZUM STUDIUM ODER DER UNI?

ACEL
de Studentevertrieder

## MIR SINN D'ACEL, DE STUDENTEVERTRIEDER ZU LËTZEBUERG!

Mir si fir dech do:
virun, während an no dengem Studium.

Mam **GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT & DIPLÔMÉ** hues du all d'Infoen fir de Start an den Ofschloss vun dengem Studium. Beim **STUDENT FIR 1 DAG** weise mir dir deng zukünfteg Uni.





Mir vertrieden deng Rechter an Interessen, wéi zum Beispill bei der **STUDENTEBOURSE** oder dem **GRATIS ËFFENTLECHEN TRANSPORT.**

Mir organiséieren **DE STUDENTEBAL**, gréissten Open-Air Bal fir Studenten, ewéi och den **TOURNOI DE NOËL**. Allebéid bréngen déi iwwer 40 Cerclen an hier Memberen zesummen.



acel.lu | contact@acel.lu | acel.lu/fb

# Events





Nieft eiser Aufgab, den Studenten am Laaf vun hiren Studien zur Säit ze stoen, stinn beim LSW eng ganz rei Evenementer am Laaf vum Joer um Programm.

Lass geet et Ufank Oktober mat eiser Welcome Party fir de Semesterufank ze feieren. Déi nei Studenten kennen an enger gemittlecher Atmosphär aner Studente kenneléieren. Ab do hunn d'Leit och d'Méiglechkeet eng Memberskaart ze kafen, mat der verschidden Evenementer schonn bezuelt sinn (Welcome Party, Daf, Beachvolleyball-tournoi, asw.), de Student an den Email-Verdeeler kënnt, iwwert aktuell Evenementer informéiert gëtt an wichteg Noriichten kritt.

Als Zweet fënnt am November eis Daf statt, bei der et sech em en Rallye duerch Wien handelt, wou déi nei Studente a Gruppen opgedeelt ginn. Zum Schluss gëtt d'Daf mat enger klenger Feier an engem vun eisen Stammlokaler ofgeronnt. Dëst ass eng weider Geleeënheet d'Stadt an aner Studenten besser kennenzeléieren.

Am Dezember feieren mir op eng extra Aart an Weis zesummen de Kleeschen. An eisem Stammlokal, den Weberknecht, deen mat enger eegener Bar fir e gudden Ambiente suergt, organiséieren mir een Pubquiz. Hei trieden eis Studenten an verschiddenen Ekippen géinteneen un an testen hiert Wëssen an allen méiglechen Beräicher. En zweeten Pubquiz gëtt am Laaf vum Fréijoer organiséiert.

Am Mäerz steet dann eis Assemblée Générale um Programm wou den neien Comité vun all de Memberen gewielt gëtt an de Bilan vum Joer gezunn gëtt. Zum Schluss steet dann och eng oppen Diskussioun fir Virschléi oder Kritik un.

Am Summer feieren mir eist grousst Sau-Fest op der Donauinsel, wou den LSW fir Drénken an eng knuspereg Sau suergt. Dëst Event ass all Joer en Highlight mat iwwer 500 Leit. Mëttlerweil ass d'Saufest sou beléift, dass den LSW eng Intercercle draus gemaach huet. Dat bedeit, dass Lëtzebuerger Studenten aus allen Stied bei eis op Wien kommen an all zesummen en flotten Weekend verbréngen. Och um Programm: eng Besichtegung vun der Staat an en Owesiessen an engem traditionellen Wiener Lokal.

Natierlech participéieren mer och des Ëfteren un Intercerclen an aneren Unisstied. Nieft engem Ausfluch op d'Oktoberfest mam LSM, waren mer läscht Joer och op Innsbruck bei den LSI op den Ugly Skiing Day.

D'läscht Joer hunn mer och een Béier-








pong Tournoi mat an den Programm eran geholl.

Ausserdeem ginn och sportlech Aktivitéiten organiséiert wéi zum Beispill eisen Beach-volleyball Tournoi zu Wien, wou de Gewën-ner natierlech eng Corbeille kritt.

E weidert grousst Sportsevenement ass den Tournoi de Noël, wou den LSW all Joers am Basket, Fussball an Volleyball eng Equipe umellt.

Och zu Lëtzebuerg si mir vertrueden duerch eisen Hüttenzauber, deen dëst Joer an Form vun enger Après-Ski Party am Apoteka war.

Am Summer organiséieren mer och zwee méi kleng Evenementer wou mer zesum-men op den Stauséi an op d'Fouer ginn. Ausserdeem sinn mir um ACEL Studen-tebal vertrueden. Souwéi op der Foire de l´Etudiant, wou mer jiddwereen gären iw-wert d'Studienméiglechkeeten zu Wien an alles wat zum Studenteliewen dozou gehéi-ert informéieren.

Sou kënnen mer behaapten, dass fir all Stu-dent eppes dobäi ass. Falls de nach weider Froen hues, wat eis Memberskaart ugeet, een vun eisen Evenementer oder och aneren Themen hues, dann zéck net dech bei eis ze mellen.

## Saufest 2019













Smail Suljic
President
Politikwissenschaft, Uni Wien



Stephan Kneip
Vizepresident
BWL, WU



Ciara Daleiden
Sekretärin
Publizistik, Uni Wien



Edvin Ceman
Tresorier
Politikwissenschaft, Uni Wien



Cédric Heintz
Responsable Sport
Raumplanung, TU



Jacquie Staudt
Sponsoring
Veterinärmedizin, VetMed



Annick Bach
Eventmanagerin
Publizistik, Uni Wien



Michel Lambert
Webmaster
Raumplanung, TU



Mick Lindé
Eventmanager
Politikwissenschaft, Uni Wien



# Comité 2019/2020



LANDEWYCK
1847
Manufacture de tabac

# MIR WËLLE BLEIWE WOU MER SINN.

UM FRIDHAFF



## SOU GEET FAMILY SPIRIT ZANTER BAL 172 JOER

*Sechs Generatiounen hu schonn dozou bäigedroen, aus onsem Familljebetrib eng weltwäit vertruede lëtzebuergesch Firma ze maachen. Leit matt frëschen Iddien an engem Sënn fir de Genoss:*
*Dat bréngt ons virun, säit 1847*

## *Landewyck haut:*

| | |
|---|---|
| 172 | *joer* |
| 41 | *partner weltwäit* |
| 5 | *fabriken* |
| 1800 | *mataarbechter* |
| 26 | *marken* |

# Wienerisch



| | |
|---|---|
| Servus, Grüß Gott | - Moien |
| Baba | - Äddi |
| heuer | - dëst Joer |
| Jänner | - Januar |
| Feber | - Februar |
| Trafik | - Tubaksbuttek |
| Tschick | - Zigarett |
| Friedhofsspargel | - Zigar |
| Gespritzter | - Wäin mat Sprud-delwaasser |
| Krügel | - 0,5l Béier |
| Doppler | - 2l Wäinfläsch |
| Sechzehna | - eng Dous Otta-kringer Béier |
| Kracherl | - Limonad mat Spruddel |
| Tschecherant | - Alkoholiker |
| fett | - besoff |
| zua sein | - sou voll sinn datt een net méi schwätze kann |
| restfett | - am Solper |
| Gössermuskel | - Béierbauch |
| Hansl | - waarme Rëscht vum Béier |
| Sackerl | - Akaafstut |
| Kassa | - Kees |
| Schanigarten | - Terrasse |
| Babyschaas | - séissen Moschter |
| Faschiertes | - Gehacktes |
| Hendl | - Poulet |
| Kipfer | - Croissant aus Brioche |
| Semmel | - Bréitchen |
| Erdäpfel | - Gromperen |
| Kukuruz | - Mais |
| Marille | - Aprikos |
| Maroni | - Käschten |
| Melanzani | - Aubergine |
| Paradeiser | - Tomat |
| Schwammerl | - Champignon |
| Palatschinken | - Paangech |
| Obers | - Ram |
| Häferl | - Taass |
| Topfen | - wäissen Kéis |
| Zuckerl | - Kamell |
| Bim/Tram | - Stroossenbunn |
| Spital | - Spidol |
| Nachzipf | - Noexamen |
| Münzkaribik | - Solarium |
| Bussi/Busserl | - Kuss |
| gspusi | - Techtelmechtel |
| Gspaßlabern, Tutteln | - Brëscht |
| Nudelfriedhof | - Prostituéiert |
| leiwand | - gutt |
| deppert | - blöd, domm |
| fesch | - schéin, attraktiv |
| schiech | - ellen |
| ur (z.B Urgeil) | - mega |
| kommod | - bequem |
| gschlant | - gutt ugedoen |
| miselsüchtig | - depressiv |
| abpaschen | - fortlafen |
| grausen | - sech virun Eppes eekelen |
| wuzeln | - Kicker spillen |
| sudern | - jéimeren |
| blunzen | - egal |
| blesern | - an der Disko aschlofen |
| Pallawatsch | - Duercherneen |
| Schmäh | - Witz |

# Impressum


## Editeur
Lëtzebuerger Studenten Wien
Site: www.lsw.lu
Kontakt: lsw@lsw.lu


### Redakteren
Braun Lisa
Daleiden Ciara
Dammé Michelle
Feiereisen John
Johann Gilles
Lambert Michelle
Suljic Smail
Vandermuntert Maxime

### Layout an Design
Dammé Michelle
Moes Pol

### Fotoen
Ceman Edvin
Daleiden Ciara
Dammé Michelle
Johann Gilles
Pepin Lou
Suljic Smail

### Sponsoring
Staudt Jacquie


## Editioun N°5
Original 2015-2016